



PRESSECOMMUNIQUE

Den 3. Februar 2020 ass de Public duerch d'Press gewuer ginn, dass de Bau vum Contournement vun Dippech-Gare wéinst enger feelender Autorisatioun op der Kipp steet.

De Schäfferot vun Dippech hat an Tëschenzäit verschidden Entrevuen mat den zoustännege Ministeren a mam Schäfferot vun der Gemeng Recken op der Mess.

Am *Luxemburger Wort* vum 8. Januar steet, dass a puncto Contournement Dippech-Gare, d'Gemeng Recken op der Mess eng Zesummenaarbecht mam Gemengerot vun Dippech beschloss hätt.

Dëst ass awer net de Fall, wëll de Gemengerot vun Dippech bis haut nach net vum Schäfferot iwwert d'Suitten an dësem Dossier informéiert ginn ass.

D'Biergerinitiativ Gemeng Dippech kritiséiert déi inakzeptabel Intransparenz vum Dippecher Schäfferot a fuerdert dësen op, endlech de Gemengerot an d'Bild ze setzen an ze consultéieren.

Déi betrafte Bierger souwéi déi lokal Gemengeréit hunn e Recht op Informatioun.

Dippech, den 10. Februar 2020
